Kommentar Dossier 9

Theema: Zukunft

Ënnertheemen: nei Technologien, Science Fiction

Léierziler

- en Text/eng Presentatioun iwwer aktuell oder abstrakt Theeme verstoen
- e Reportage resuméieren
- eegestänneg en Text logesch opbauen a méi komplex Zesummenhäng beschreiwen
- en Diskussiounsbäitrag strukturéieren
- argumentéieren a sech an engem Gespréich abréngen

Beschreiwung vum Inhalt vum Dossier

Den Astig an dësen Dossier kann een esouwuel mam Lauschter- wéi och mam Liestext maachen. Fir ze lauschtere ginn et zwee Reportagen iwwert den Hugo Gernsback, deen als Begrënner vun der Science Ficton gëllt. De Liestext beschäftegt sech mat der Fro, wéi nei Technologien eist Liewen an Zukunft wäerte beaflossen. Am Volet *Sprooch* geet et ëm e Projet vun der Uni Lëtzebuerg iwwert automatesch Sproocherkennung op Lëtzebuergesch. An enger mëndlecher Presentatioun kënnen d'Apprenanten op eng bestëmmt Zukunftstechnologie agoen, déi si perséinlech interesséiert. Am Volet *Literatur* fënnt een en Artikel iwwert spekulativ Fiktioun zu Lëtzebuerg. An enger schréftlecher Produktioun gëtt en Text iwwert den Apprenanten hir Virstellung vun der Welt an 100 Joer gefrot.

Zousätzlech Iddien

- Biller vun Zukunftsvirstellungen aus verschiddenen Epochen (z. B. Jean-Marc Côté) kann ee beschreiwe loossen, mat der Realitéit vergläiche loossen oder als Ustouss fir Diskussioune benotzen.
- Iwwert den Hugo Gernsback gëtt et och e Film. Dozou gëtt et e kuerze Reportage vum Radio 100,7: *https://www.100komma7.lu/podcast/208480*
- Den Trailer vum Film a weider Informatioune fënnt een hei: *http://ericschockmel.net/tune-into-the-future/*
- Op www.science.lu fënnt ee kuerz a gutt verständlech Informatiounen iwwert kënschtlech Intelligenz: *https://science.lu/de/clever-maschinnen/wat-ass-kenschtlech-intelligenz-wei-intelligent-ass-se*

Aner Theemen, déi am Kader vun dësem Dossier kéinten interessant sinn

- En Theaterstéck vum Ian de Toffoli: *AppHuman*
- Eng Kuerzgeschicht vum Cosimo Suglia: *Kee Signal* (an: Nos Cahiers, Numéro spécial, #After Covid; 4/2021)
- Dem Josiane Kartheiser säi Buch *D'Zukunft läit am Avenir* an e kuerze Reportage dodriwwer: *https://www.rtl.lu/kultur/bicher/1239819.html*
- E Promotiounsvideo vu Let's make it happen: *https://youtu.be/ESEJUS3H6Rg*
- E Reportage iwwert eng Persoun, déi an enger zukunftsorientéierter Firma schafft, z. B.: *https://play.rtl.lu/shows/lb/eis-industrie-meng-zukunft/episodes/r/3219627*
- Reportagen iwwert verschidde Firmen, déi am Beräich vun der Weltraumtechnologie a Space Mining schaffen, z. B.: Aventure an de Stären *https://play.rtl.lu/shows/lb/pisa-de-wessensmagazin/episodes/r/3169879*
- En Interview mam Mr Science iwwert Weltraumtourismus: *https://www.science.lu/de/weltraumtourismus/vakanz-um-mars*

Zu all dësen authentesche Reportagë kann een Aufgaben ausschaffen. Eng Hëllef, fir esou authentesch Texter ze didaktiséieren, fënnt een am Dokument Aufgabestellunge fir Héier- a Liesverstoen.

Fir kleng schréftlech Produktiounen ze sammelen, eegent sech e Padlet generell gutt, well jiddereen aus der Klass all d'Produktioune gesinn an eventuell och kommentéiere kann. Ausserdeem kënnen d'Apprenantë sech d'Verbesserunge vun der Léierpersoun esou ukucken.

Grammatesch Punkten

Am Kader vun dësem Dossier bitt et sech un, op d'Verb *wäerten* an aner Manéieren, wéi een d'Zukunft op Lëtzebuergesch ausdrécke kann, anzegoen. En interessante Bäitrag dozou fënnt een hei:
https://www.100komma7.lu/article/wessen/d-bedeitung-vum-hellefsverb-waert
Ausserdeem kéint een och nach eng Kéier déi irreal Konditiounssätz behandelen.

Impressum

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2
Dossiere 7 - 9
INLL – Institut national des langues Luxembourg, Lëtzebuerg, Mäerz 2023

INSTITUT NATIONAL
DES LANGUES
LUXEMBOURG

All d'Materialien (Texter, Illustratiounen, Fotoen an Tounopnamen) däerfe fir Unterrechtszwecker kopéiert a verwäert ginn, wann d'Quell ugi gëtt. Se däerfen net zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.
Fotoen, Texter an Tounopnamen, fir déi den INLL d'Benotzungsrechter vun anere Persounen oder Organisme kritt huet, däerfen net weiderverwäert ginn.

Auteuren: Angie Gaasch, Jackie Messerich (INLL)
Berodung: Claudio Nodari (Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich)
Relecture: Danny Leyder, Isabelle Simon (INLL), Myriam Welschbillig
Korrektorat: Myriam Welschbillig
Illustratiounen, Layout: lex&pit weyer créations et publicité
Tountechnik: IP Luxembourg
Administrativ Koordinatioun: Joëlle Hentges (INLL)
Ënnert der Leedung vun der Direktioun vum INLL: Maisy Gorza

E grousse Merci un all déi Persounen, déi matgehollef hunn, dëse Projet ze realiséieren.

ISBN 978-99959-40-08-9

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse